

Eis Grondwäerter

Mir sinn...

Europäesch

- Mir gleewen, datt een eng nohalteg Zukunft an enger globaliséierter Welt um Niveau vun der EU, mä och op engem lokalen Niveau, ugoe muss. D'Staate mussen hir Befugnisser iwwert an ënnert sech delegéieren.
- Mir halen d'Stäerkerung vun de Bierger fir immens wichteg a verurteelen d'Iwwermuecht vun de Lobbyen.
- Mir si fir gereegelt **Referendumen** als e speziell Instrument fir wichteg Entscheidungen, déi awer fir d'Chamber **verbindlech** solle sinn, a mir si fir eng méi direkt europäesch Demokratie.
- Mir valoriséiere **Sécherheet, Responsabilitéit** an **Transparenz** an der nationaler an europäescher Politik.
- Mir gleewen drun, datt all **europäeschem Bierger déi selwecht Rechter zoustinn** a mir si fir eng vollwäerteg europäesch Nationalitéit.

Nohalteg

- Mir si fir en **nohaltegt Finanzwiesen**, dat och responsabel ass.
- Mir fannen, datt d'**Educatioun**, de **Gesondheetssystem** an d'**Recherche** zu de Kärberäicher vun all Regierungspolitik fir eng nohalteg Gesellschaft zielen.
- Mir schätzen d'**Ëmwelt**; mir këmmen eis ëm de **Klimawandel** an ëm d'**Erhale vun den Ekosystemer**.
- Mir mengen, datt een **zouverlässeg a wäit am Land verfügbaren öffentlechen Transport** e Kärelement fir eis Zukunft ass.
- Mir si fir laangfristeg Investissementer par rapport zu kuerzfristige Beneficer a mir wëlle séchergoen, datt d'Finanzéierung och dem mënschleche Wuesstem déngt, amplaz datt de finanzielle Wuesstem nëmme vu sech selwer profitéiert.

Pragmatesch

- Mir sinn net domat d'accord, de **soziale Progrès** dem Wuesstem vun der Wirtschaft **ze afferen**.
- Mir fannen d'**Transparenz** vun de Finanzinstitutiounen wichteg.
- Mir verpflichten eis dozou, d'technologesch Entwécklung souwuel **ethesch** wéi och **integrativ** unzegoen.
- Mir fannen, datt et jidderengem sollt méiglech sinn, zu Lëtzebuerg eng **Wunneng** zu engem **abordabele Präis** ze fannen.

Progressiv

- Mir verurteele rietsextrem Positiounen a mir si fir eng harmoniséiert an **integrativ Immigratioun**.
- Mir ënnerstëtzen aktiv **d'Gläichberechtegung** vun all Mënsch, onofhängeg vu Geschlecht a sexueller Orientéierung, an all Initiativ, déi d'Verletze vun dëser Gläichberechtegung öffentlech verurteilt.
- Mir si fir e **Gläichgewicht tëscht Progressivismus** an dem **Erhale vun der kultureller Identitéit**.
- Mir ënnerstëtzen d'Erhale vun der Lëtzebuurger Sprooch an deem wichtege kulturellen Ierwen, soulaang wéi och all Awunner déi selwecht Meenungsfräiheet an Inklusioun offrëiert kritt.

Innovativ

- Mir mengen, datt Lëtzebuerg bei der **Transitioun** zu engem **ëmweltfrëndleche Land** mat guddem Beispill ka virgoen, a sech dobäi vun de **wëssenschaftlechen Erkenntnisser** leede soll. Mir halen et fir wichteg, datt Lëtzebuerg an eng besser Waasserqualitéit an an erneierbar Energien investéiert.
- Mir sinn ëmmer **oppe fir de Fortschrëtt**, mir gleewen un **eng politesch Éierlechkeet** a mir behalen eis dat Recht vir, **eis Meenung** opgrond vun den **neiste wëssenschaftlechen Erkenntnisser z'änneren**.